

Pilotprojet vum Naturpark zu Clierf

Vu(m) Chris Meisch | Update: 08.08.2022 10:52



© AFP

Bis den 31. Mäerz 2023 soll d'Consummatioun vun Äerdgas an der EU ëm 15 Prozent zréckgoen, dat ass eent vun den Ziler, déi um EU-Plang festgehale goufen.

Lëtzebuerg läit zwar liicht ënnert dem Seuil vun den Emissiounen, déi ee sech am europäesche Kader gesat hat, an awer geet et domat nach laang net duer, fir d'Sécherheet vun der Energieversuergung zu Lëtzebuerg an Zukunft ze garantéieren. Een Acteur sinn d'Gemengen.

Mam Pilotprojet am Naturpark zu Clierf géing de Gemengesyndikat säin Deel dozou bäidroen, Energie a Ressourcen ze spueren. Een Zil, dee sech de Gemengesyndicat schonns zanter 2018/19 geholl huet. Hei sollen Heizungen an de Gebaier aus der Regioun geziilt agesat ginn, wa se och wierklech gebraucht ginn, sou den Emile Eicher, Prääsident vum Syvicol.

"Dat heescht, soubal wann d'Leit erëm rausginn, rëm zréck op eng Basistemperatur, dat ka bei 15 Grad ongeféier leien, rëm zréckzefueren, do spuert een dann onheemlech vill Geld. Och Nuets einfach da Systemer ze implantéieren, déi dann eben iwver Sensore kontrolléieren, wéi d'Notzung ass vun deene Gebaier an och wéi de Verbrauch ass an déi upassen. Am Fong näischt aneres wéi "bedarfsgerecht Heizen".

"No data no knowledge", seet den Emile Eicher. Et misst een an enger éischer Etapp Informatiounen sammelen, fir "Schwaachstellen ze gesinn an doropshi geziilt ze reagieren. Sou ee Projet wier natierlech och net geschenkt.

"Mä dat Geld kritt ee séier rëm, wann een elo kuckt, wéi et am dem Beliichtungsberäich ass, do hutt Dir bannent e puer Joer är Sue rëm, déi Dir investiert hutt an duerno spuert Dir awer enorm. A wann een ëffentlech Gebaier mol kuckt, do ass mat Liichtegkeet bis zu 80 Prozent ze spueren. Et muss ee just de Courage hunn, fir dann och ze soen, ech maache Luuchten nuets aus."

Ma och am private Beräich wier et méiglech, Stroum an Energie ze spueren, fir ee gudden Deel zur Energieversuergung bäizedroen. Kleng Schrëtt maachen, déi net vill Liewensqualitéit aschränken, e puer nei Gewunnechten, fir méi bewusst Energie ze spueren, géife scho vill hëllefen, esou de Buergermeeschter vu Clierf, Emile Eicher.

"Mee et sinn och déi kleng Schrëtt, dat ass de Leit ze soen, wann Dir elo aus dem Büro eraus gitt: Maacht wannechgelift d'Luucht aus, maacht eng Stoussbelëftung. Ech mengen do si vill Leit, déi net wëssen, wat dat heescht, mee dass se da solle mol eng Kéier d'Heizung zoudréien, kuerz belëften, awer da richteg Duerchzoch maachen an dann rëm d'Heizung ukéieren. Sou Saache si ganz kleng Schrëtt, ganz einfach Schrëtt, kaschte keng Investitioun, mä bréngen awer schlussendlech ganz vill Resultat."

Den 8. September soll dann nach vun ënnert anerem der Chambre de Commerce, dem Syvicol, dem Energieministère an nach eng ganz Partie anere Partneren eng Konferenz organiséiert ginn, fir d'Gemengen op déi nei Situatioun a Constraints ze preparieren. Dobäi dierft déi sozial Dimensioun net feelen, fir och déi Leit ze ënnerstëtzen, déi net souvill Suen hunn, fir an de Privatberäich ze investieren.